N°1475
Entrée le 06.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

*"Die Drogenkriminalität in Frankreich eskaliert".*
Esou titelt d'WORT een Artikel vum 4te November 2024. Queesch duerch d'Land wier een Ustieg un organiséierter Kriminalitéit zesumme mam Drogenhandel z'erkennen, wat d'Sécherheetslag vum Land op d'Prouf stellt. Virun engem Joer gouf et och hei op der lëtzebuergesch-franséicher Grenz Situatiounen, wéi zum Beispill d'Schéisserei zu Villerupt oder de Beschoss vun engem RGTR-Linnebus op Mont-Saint-Martin.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Auswierkungen huet d'Sécherheetslag a Frankräich op eist Land?
2. Wéi eng Moossnahmen goufen an de leschten zwee Joren ënnerhol, fir d'Zesummenaarbecht vun der Police a Justiz an der Groussregioun ze verbesseren?
3. Wéi eng weider Moossnahmen si geplangt?
4. Wäerten d'Gemengen, déi op de Grenze leien, wéi zum Beispill Péiteng, als direkt betraffe Gemengen, an Zukunft méi Beamten kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten